Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Groussregioun weiderzeleeden.

Am EU-Wahlprogramm 2019 vun Déi Gréng goufen d'Nuetszich tëscht den europäesche Metropolen als eng Transportalternative ugeduecht fir den Transportverkéier vum Fliger op d'Schinn ze dirigéieren. Eng besser Ausnotzung vum europäesche Schinnereseau zu Nuetszäiten kéint een Ureiz sinn fir de Loftpassagéierverkéier op d'Schinn erofhuelen. An eisen europäesche Nopeschlänner existéieren aktuell eng Réi Zuchlinnen fir Nuetszich.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Nuetszich sinn pro Joer säit 2013 am Passagéierverkéier Lëtzebuerg circuléiert, dëst opgelëscht no *outbound* (vu Lëtzebuerg an d'Ausland), *inbound* (aus dem Ausland op Lëtzebuerg) a national (um lëtzebuergeschen Territoire)?

2. Ass d'Regierung der Meenung, dass Nuetszich eng nëtzlech Alternative fir dat aktuell Transportwiesen duerstellen?
    - Falls jo, wäert d'Regierung d'Erweiderung vun de Nuetszich an dëser Legislaturperiod?
        - Kann de Minister an dem Fall präziséieren, wéi eng Etüden heizou scho virleien a wéini hien gedenkt mam Projet unzefänken?
    - Falls nee, firwat net?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Nuetszich eng ekologesch sënnvoll Alternativ zu Flich duerstellen?
    - Falls jo, firwat?

4. Gedenkt d'Regierung Nuetszich duerch Subventioune präislech méi attraktiv ze gestalten?

5. Gouf et am Kader vun de Reunioune mat de Benelux-Länner souwéi de Memberstaaten an der Groussregioun schonns Diskussioune ronderëm d'Thema Nuetszich?
    - Falls jo, wat ass de Stand vun den Diskussiounen a wéi gëtt weider verfuer?
    - Falls nee, wäert d'Regierung dëst Thema an déi nächst Reunioune mat abauen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député